**Iwwer déi aktuell Situatioun an der Gemeng Conter**

No der Demissioun vun der Mme Ansay als Schäffin de 15. Juli hunn den Här Yves Loose an ech d'Aarbechte vum Schäfferot ouni Ënnerbriechung weidergefouert. Trotz dësem Verännerungsprozess hu mir d'Kontinuitéit an der Gestioun vun der Gemeng assuréiert an di vill lafend Projeten engagéiert virugefouert.

Net esou d'Mme Ansay. Als Äntwert op hier Demissioun krut si e Bréif vum Innenminister an deem si drop higewise gouf dass si hier Aarbecht als Schäffe misst esou laang weiderféiere bis en neie Schäffe genannt wier.

Dëst ass och esou am Artikel 47, alinéa 2 vun der loi communale esou festgehal. An engem Schreiwes huet d'LSAP Schäffen eis awer matgedeelt dass si dëser Verpflichtung net géif nokommen an deemno sinn hier Dossieren och leie bliwwen.

**Lafend a geplangte Projeten**

Eis nei Sportshal steet kuerz virun der Aweiung. De Projet fir déi nächst Phas vum Shared Space zu Conter – mat engem neie grousse Park fir eis Biergerinnen a Bierger – soll am Januar ufänken.

Am Kader vum geplangten Ëmbau vum aktuelle Gemengegebai wëlle mir eng Maison médicale ariichten, mat Dokteren, engem Laboratoire fir Bluttanalysen an domat dann och en definitive Standuert fir eis Apdikt schafen. Zu Mutfert gëtt et deemnächst eng Biergerversammlung, fir de Duerfkär zesumme mat de Bierger ze plangen. Weider Initiative wéi e Gemeinschaftsgaart an d'Renovatioun vun der Conterstuff – déi zu engem attraktiven Treffpunkt mat Restaurant, Raimlechkeete fir d'Amis de la Cervoise an de Village de la BD gëtt – sinn amgaang.

Parallel dozou ass d'Vergréisserung vun der Schoul an der Maison Relais um Event voll am gaang an och d'Aarbechten un de Verkéiersberouegungsmoossnamen an all eisen Dierfer sinn am gaang konsequent weidergefouert ze ginn. Weider geschafft hu mir och un eise Projete fir abordabele Wunnraum ze schafen. Mat 6 Wunnengen zu Éiter a 16 zu Conter an dat mat engem grousse Park a Spillplaz op der Lëtzebuerger Strooss, kann et lass goe, soubal mir d'Autorisatioun vum Ministère de l'Environnement hunn.

**Politeschen Hannergrond**

An de leschte Wochen ass et politesch zu Verännerunge komm. No enger Reunioun tëscht de Parteien hat d'CSV-Fraktioun proposéiert, de Conseil Communal vum 17. September op haut ze verréckelen, fir der DP d'Méiglechkeet ze ginn, Gespréicher iwwer eng méiglech Koalitioun ze féieren.

Elo, nodeems d'DP decidéiert huet, keng weider Gespréicher mat der CSV ze féieren, well si un enger Koalitioun mat der LSAP an di Gréng schaffen ass et fir mech kloer ginn, datt d'Aarbecht an der Gemeng – mat de ville wichtege Projeten – ënner dëse Konditiounen net méi ka konstruktiv weidergefouert ginn.

**E perséinlecht Wuert**

Ech bedaueren dës Entwécklung well eis Biergerinnen a Bierger verdéngen eng stabil a zouverlässeg Gestioun vun hirer Gemeng. Zanter iwwer 20 Joer setzen ech mech mat Iwwerzeegung a Leidenschaft fir d'Wuel vun de Leit an eiser Gemeng Conter an – mat dem Zil, Vertrauen, Sécherheet a Kontinuitéit ze schafen.

An de leschten aacht Joer hu mir an enger CSV-LSAP-Koalitioun vill erreecht, wat sech och am gudde Resultat vun de leschte Gemengewale reflektéiert: Mat 44,25 % vun de Stëmmen a fënnef Mandater fir d'CSV, war d'Vertraue vun de Bierger e kloert Zeeche fir Kontinuitéit a Stabilitéit.

Wat déi lescht politesch Entwécklunge betrëfft, wëll ech keng politesch Polemik féieren. Ech wëll awer kloerstellen, datt ech meng Kolleegin, d'Mme Ansay, déi nei war a keng Erfarung an der Politik an an der Gemeng Conter hat, vun Ufank un ënnerstëtzt, begleet a motivéiert hunn. D'Ënnerstellungen, déi an dësem Kontext géint mech gemaach goufen, entspriechen net der Realitéit – an dat ass och méi wéi bekannt.

Ech weess datt d'Madame Ansay zënter Januar ënner groussem Drock stoung, net vun der CSV, mee vun hirer eegener Partei, souwuel vun der Conter Sektioun wéi och vun der LSAP-National. De mot d'ordre war: „mir mussen d'LSAP aus der Schosslinn kréien"  Dobäi muss ee wëssen datt alles an der Koalitioun zesummen decidéiert ginn ass. Souwuel d'Mme Ansay wéi och den Här Thomé hu bis de 15. Juli 2025 ALLES mat ausgeschafft, matgedroen a matgestëmmt.

Decidéieren, a sech dann zeréckzéien nennen ech wéineg Haltung, wéi och de Journalist Sidney Wilson dat am Tageblatt geschriwwen hat.

Dat ass op alle Fall net d'Manéier vun der CSV fir esou ze schaffen, mir stinn zu deem wat mer soen a maachen.

D'Madame Ansay hat oft net vill Zeit, aus beruffleche oder familiäre Grënn. Mir hunn se dann ënnerstëtzt an hir Aarbecht matgemaach. Och huet si eis alt matgedeelt a gekrasch, si hätt d'Flemm mat der LSAP a mat der Gemengepolitik. Och hätt si vun hirem Virgänger Fernand Schiltz keng Informatioune kritt a guer keng Ënnerstëtzung.

Mir, den Yves Loose an ech, hunn se da getréischt an encouragéiert weider ze maachen. Ech géif dat hei net soe wa si selwer eis et net verzielt hätt an deem entspriechend WhatsAppen verscheckt hätt. D'LSAP National  huet fonnt dass ech net méi tragbar wär als Buergermeeschter- d'Mme Ansay huet dat bis de 15. Juli awer ëmmer ganz anescht gesinn.

Zu den Onrouen zënter engem Joer wéinst Mobbing deen dem Schäfferot a besonnesch mir ënnerstallt gouf well ech dëst soen:

No enger neutraler Enquête gouf festgehalen, datt et kee Mobbing vu menger Säit oder vum Schäfferot aus gouf. Trotzdeem hunn déi permanent Spekulatiounen an Ënnerstellungen net opgehal an des Situatioun huet d'Gemeng an hir Mataarbechter belaascht, obwuel si kloer kommunizéiert hunn, datt si sech an hirem Aarbechtsëmfeld wuel fillen an a Rou wëlle schaffen.

**Decisioun iwwer d'Demissioun**

Ech wäert weder um mengem Amt festhalen nach d'Aarbecht an der Gemeng blockéieren. An deem Sënn hunn ech haut de moie meng Demissioun beim Groussherzog Guillaume agereecht.

Am Respekt vum Gesetz a fir de Fonctionnement vun der Gemeng ze garantéieren, wäert ech meng Funktiounen als Buergermeeschter esou laang ausüben, bis e neie Buergermeeschter vereedegt ass.

Ech soen all de Biergerinnen a Bierger Merci fir dat Vertrauen, dat si mir iwwer all déi Joren entgéintbruecht hunn. Et war a mir eng Éier fir eis schéi Gemeng an all hier Bierger/innen ze schaffen an e klengen Deel un der Zukunft vun der Gemeng Conter  matzeschaffen.

Marion Zovilé-Braquet

Deklaratioum am Conter Gemengerot den 8.10.2025